



Beaufort, den 20. Mäerz 2020

Léif Awunner aus der Gemeng Beaufort,

Et ass onnëtz nach eng Kéier op Eenzelheete vun der aktueller Situatioun anzegoen an et misst jidderengem bewosst sinn, datt jidderee säin Undeel géint d'Verbreedung vum Corona-Virus bäidroen muss. Jiddereen ass betraff an och déi jonk Mënschen aus eiser Gesellschaft kënnen vum Virus infizéiert ginn. Obwuel de Schwéierpunkt op déi eeler Generatioun läit, ginn ëmmer méi Fäll vu jonke Leit mat leider schlechten Noriichte bekannt. An deem Sënn biede mer jiddereen, ewéi vun der Regierung ukënnegt, souwäit wéi méiglech **DOHEEM ZE BLEIWEN** a während dëser Zäit d'sozial Kontakter ze vermeiden. Mir bieden och d'Elteren dës wichtege Message hire Kanner a Jugendlecher matzedeelen. D'Situatioun ass eescht an d'Police wäert vu lo un geruff gi wa sech net dru gehale gëtt.

An der Tëschenzäit goufe verschidde Measure ëmgesat a fir op de leschte Standpunkt vun der aktueller Situatioun an der Gemeng Beaufort ze sinn biede mir Iech regelméisseg op den Internetsite vun der Gemeng Beaufort www.beaufort.lu kucken ze goen an op de Service sms2citizen zrëckzegräifen (ass um Site erkläert). Ee puer Informatiounen:

- ënnert der Rubrik "Ouvert, fermé, annulé" stinn, souwäit bekannt an och matgedeelt, sämtlech Informatiounen zum soziale Liewen hei an der Gemeng ewéi zum Beispill wéi eng Restauranten a Geschäfte op oder zou hunn an och wat alles bis elo ofgesot ginn ass.

- "Livraisons à domicile": D'Gemeng Beaufort organiséiert fir Leit, déi sech net däerfe bis an d'Apdikt déplacéieren, ee Liwwerdéngscht fir dës Artikelen ze besueren. Allerdéngs nëmmen an Noutfäll a mat enger Ordonnance médicale. Déi betraffe Leit solle sech um Telefon 83 60 45 20 während de Büroszäite mellen.

An Zesummenaarbecht mat der Gemeng gëtt vum Proxy Delhaize ee Service "Livraisons à domicile" ugebueden an zwar nëmme fir déi Leit, déi zum Risikogrupp gehéieren (ënner anerem Leit vun iwwer 65 Joer, Diabetiker, Leit mat enger

autoimmun Schwächt oder mat cardio-vaskuläre Krankheeten), an dowéinst net méi akafe kënnen oder si hu kee fir dat an hirer Plaz ka maachen. Telefon: 28 80 32 83 (Proxy Delhaize).

Déi nei Plattform corona.letzshop.lu, déi och ënnert der Hotline 8002 9292 ze erreechen ass, riicht sech un eng vulnérabel Populatioun also net u Persounen, déi nach selwer akafe kënnen. Ugebuede ginn eng 40 Artikelen aus dem Liewensmëttel- an Hygièneberäich. Geliwwert gëtt bannen 72 Stonnen.

De Service "Repas sur roues" funktionéiert weiderhin ouni Aschränkungen a jidderee ka sech am Populationsbüro aschreiwe loosse fir vun dësem Service kënnen ze profitéieren (Tel. 83 60 45 20).

Zu Beaufort ginn et nach zwee Restauranten, déi op hunn. Bei der Hostellerie de Beaufort (Mato) kënnen Pizzaen an aner Menüen telefonesch bestallt an ofgeholl ginn. Weider Informatiounen ginn et ënnert den Nummeren 83 60 46 oder 621 245 990. Beim Ristorante Pizzeria Leonardo funktionéiert een "Take away" an och "Livraisons à domicile". D'Kaart ass reduzéiert a Bestellungen ginn um Telefon 26 34 05 15 ugeholl.

- D'Gemeng ass zou a mécht nëmmen op Rendez-vous fir Noutfäll op. Fir eng Rëtsch Saache muss een net op d'Gemeng kommen an déi kann een um Internetsite nokucken. Des Weidere gouf d'Nocturne vu mëttwochs annulléiert.

Kontakt (8.30 – 12.00 & 14.00 – 17.00):

Populationsbüro: 83 60 45 20

Sekretariat : 83 60 45 26

Etat civil: 83 60 45 23

Recette : 83 60 45 24

Service technique: 83 60 45 29

Mir soen dem Gemengepersonal an alle Leit, déi an dëser schwéierer Zäit fir hir Matbierger schaffen, fir Är Zesummenaarbecht a Versteesdemech villmools Merci an hoffe geschwënn, datt jidderee rëm säi Liewe fräi an ouni Angscht genéisse kann.
BLEIFT DOHEEM A GESOND!

De Schäfferot

Camille Hoffmann

Jean-Luc Nosbusch

Emile Wies

www.beaufort.lu

www.facebook.com/GemengBeaufort

www.sante.lu

www.gouvernement.lu